

Lëtzebuerg, den 22. September 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Den Zuch IC 15305 vu 7.16 Auer vun Ettelbréck an d‘Stad ass an de leschten Deeg e puer mol hannereneen annulléiert ginn. De Frust bei deene Leit, déi op dësen Zuch ugewise sinn fir op d‘Aarbecht, an d‘Schoul oder soss e Rendez-vous ze fueren, ass verständlecherweis grouss.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- Gëtt et aktuell infrastrukturell Problemer op der Linn 10 tëscht Ettelbréck a Lëtzebuerg? Hunn déi Problemer eppes mam Kautebaacher Tunnel deen aktuell zou ass ze dinn?*
- Huet d‘CFL de Minister driwwer informéiert ob et Problemer beim Materiel roulant gëtt? Wa jo, wat war genee d‘Ursaach am präzise Fall vum IC 15305?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu